12. Weltmeisterschaft der Veteranen

vom 14-15 Juni 2019 in Italien (Pisa/Canal Scolmatore)

Den 1. Training ass eriwwer.

Et sinn bei kenger Natioun vill Fësch gefaangen ginn. Wann, dann waren et an deenen 4 Stonnen villäicht 10 Touchen. Et waren Welsen, Katzenfësch an Mieresäschen derbäi. Welsen vun 2 bis 6 Kilo, an déi zéien ewéi Lokomotiven. Et war zimlech Sturm an mir hunn probéiert op 2 Distanzen ze fëschen. Op 6 an 9 Meter ongeféier. Vir an dem Kanal Scolmatore ass Schilf bis op ongeféier 5 – 6 m op bal dem ganzen Parcours. Mir sinn gudder Deng an sinn zefridden mam Resultat vum 1. Dag. Elo nach eng deck Pizza an dann geet et an „Heia“ dat mer Fit sinn fir muer de mueren, well ëm 5 Auer rabbelt de Wecker. MP

Merten Pierre / 10.06.2019